N°2819
Entrée le 28.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.08.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

Rezent hu mir dem Här Ëmweltminister eng parlamentaresch Fro gestallt iwwert d'Gefor vun den invasive Kriibsaarten op eis heemesch Biotopen an eise fragillen Ökosystem. An deem Zesummenhank wier et wichteg ze wëssen, wéi et zu Lëtzebuerg allgemeng ëm déi invasiv Déierenaarte steet a wéi hiren Impakt ass op eis Natur an Ëmwelt.

Dowéinst wéilte mir dem Här Minister gär follgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister déi eenzel Déierenzorten opschlësselen, déi zu Lëtzebuerg als invasiv gëllen?
2. Wéi vill invasiv Déierenzorte sinn zanter 1990 nei zu Lëtzebuerg opgetaucht an ëm wéi eng Déierenzorten handelt et sech?
3. Kann den Här Minister präziséieren an opschlësselen, wéi vill vun all deenen invasiven Déierenzorten e problemateschen Impakt op eis heemesch Natur an Ëmwelt hunn a wat genau den Impakt op eis Natur an Ëmwelt ass vun deene respektiven Déierenzorten?
4. Am Fall wou invasiv Déierenzorten e schiedlechen Impakt op eis Natur an Ëmwelt hunn: Wat gëtt aktuell ënnerholl, fir dogéint virzegoen a mat wéi engem Resultat?
5. Wéi schätzt den Här Minister déi weider Entwécklung an, wat den Impakt vun den invasiven Déierenzorten op eis heemesch Natur an Ëmwelt ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Jeff Engelen
Deputéierten